N°718
Entrée le 10.05.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 10.05.2024

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/05/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Eis gouf vu betraffene Persounen zougedroen, dass si op engem Trajet am Adapto keng Wallissen oder hiert Hausdéier dierfte mathuelen. Dëst wier fir Trajeten am Kader vum Adapto net virgesinn an deementspriechend missten d'Leit da fir esou Trajeten op normal Taxien zréckgräifen. Dat géif bedéiten, datt Betraffener net mam Adapto kéinnte op de Flughafe gefouert ginn a missten dofir ee reguläre Taxi huelen. Vill regulär Taxisentreprisë géifen op Ufro vu Betraffenen awer soen, dass si net genuch Plaz hätte fir ee Rollstull an eng Wallis matzehuelen.

An deem Zesummenhang wéilte mir der Ministesch dës Froe stellen:

1. Kann d'Ministesch bestätegen, dass am Kader vun engem Trajet mam Adapto keng Hausdéieren oder Wallissen dierfe matgeholl ginn? Wa jo, wat sinn d'Grënn heivir?
2. Wa jo, ass geplangt, dëst ze änneren an et esou ze erméiglechen, dass och bei Trajete mam Adapto dierfen Hausdéieren oder Wallissen matgeholl ginn?
3. Wéi vill accessibel Taxie ginn et hei am Land, déi grouss genuch sinn, fir souwuel ee Rollstull wéi och Wallissen mathuelen ze kënnen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

POLIDORI Ben
Deputéierten